


R22-Film "Gosstown"

# Richtung22
# (K)eng Zukunft zu Esch?

Mir sinn op Esch komm fir hei een Doheem ze fannen an eis z'etabléieren. Et geet eis drëms d'Potential vun eisem Grupp, mat iwwer 50 Memberen (iwwer 100 Leit woren un eise Projeten fir Esch2022 bedeelegt), mee och d'Potential vun jonke Konschtschafenden zu Lëtzebuerg siichtbar ze maachen a verwierklechen ze kënnen.

**Startpunkt Esch2022**

Richtung22 existéiert zanter 2010, an gouf laang Zäit just vu Studéierenden a Bénévolen bedriwwen. Am Kader vun der europäescher Kulturhaaptstadt an iwwer eng Konventioun mam Kulturministère konnt sech de Grupp awer eng éischte Kéier esou wäit stabiliséieren, dass Konschtschafender fir hier Aarbecht bezuelt konnte ginn. Eise Esch2022-Projet "Héichkultur amplaz Héichuewen" huet aus dräi Theaterstécker, dräi groussen partizipativen Happenings an de Stroossen vun Esch, zwee Filmprojeten, enger Zeitung, engem Podcast an engem Muséksalbum esou wéi ville weidere méi klengen Deeler, Aktiounen, Clips a Konschtinstallatiounen bestaanen. De Projet hat e grousse Public an ee breeden Impakt an der Ëffentlechkeet wéi och an der Press. Virun allem awer hu mir ee Portrait vun der Stad Esch zu engem entscheedenden Moment vu senger Stadgeschicht geschaf. Mir hunn eis Recherchen mat pluridisziplinären kënschtleresche Mëttelen op dräi Sproochen zougänglech gemaach an d'Diskussioun iwwer de Wandel an d'Zukunft vun dëser Stad mat virugedriwwen an erweidert.

**Richtung22 zu Esch**

Richtung22 huet zu Esch eng Plaz fonnt, déi fir eis Projeten, wéi och fir eis Zukunft als Grupp Sënn mécht. Eng divers multilingual Bevëlkerung, ee räiche Patrimoine vun der Industriegeschicht, een interessant Kulturangebot, souwéi d'Méiglechkeet vun engem direkte Kontakt mat der Universitéit. Esch ass historesch wéi och aktuell een Géigenentworf zur Stad Lëtzebuerg. Esch ass, wéi et fréier de Motto vun der KuFa wor, nach ëmmer "D'Stad vun der Subkultur". Eng kulturell Alternativ am Minett, mat där sech d'Leit gären identifizéieren. Mat eise Projeten hu mir eis wärend der Kulturhaaptstad Esch2022 mat der eenzegaarteger Geschicht an Identitéit vun Esch befaasst a Weeër gesicht, dës an hirer Particularitéit an Aktualitéit hei am Land ze promouvéieren. Mir hunn eis an der Stad gutt vernetzt, net onbedéngt mat deenen groussen Institutiounen, mee mat jonke Konschtschafenden, Studéierenden an der alternativer Zeen.

Mat eise Projeten hu mir an de Stroossen a Bréifboite vun Esch an och online d'Leit do probéiert ofzehuele wou se sinn. Esch ass fir eis een Zukunftslabo an deem mir och mat neie kënschtleresche Mëttel experimentéiere an nei Weeër fanne wëllen fir Konscht engem Public accessibel ze maachen,

deen oft net erreecht gëtt. Sou wëlle mir dat dax exklusiivt Konschtverständnis zu Lëtzebuerg opbriechen.

Fir eise Projet am Kader vun der Kulturhaaptstad goufe mir vu frEsch mat 50.000€ ënnerstëtzt, vun Esch2022 hate mir ee Subside vun 300.000€. Schonns am September 2022 hu mir eis Pläng fir een Iwwergank an d'Zäit no der Kulturhaaptstad dem Escher Kulturschäffen Pierre-Marc Knaff an dem Direkter vum Kulturservice Ralph Waltmans präsentéiert. Vun Ufank un hu mir erkläert, wéi wichteg eng dauerhaft Finanzéierung vun eisem Kollektiv a Form vun enger Konventioun wier an dass och d'Bestoen vum Projet Bâtiment 4 dovunner ofhänke géif, wéi eescht Esch et mat der Finanzéierung vu lokaler Kreatioun mengt. Et huet bis Mee 2023 gedauert, bis mir informell gesot kruuten, wéivill Budget et fir eis gi géif, an bis November 2023 bis dee Budget dann tatsächlech do wor. Fir 2024 ass näischt virgesinn. Zanter Esch2022 gouf keng eenzeg weider Konventioun ënnerschriwwen.

**Vun Esch aus eraus an d'Welt**

Eng Basis zu Esch ze hunn huet et eis erméiglecht, eis och iwwer d'Grenzen ewech ze vernetzen. Mir hunn ee gudde Kontakt zum MJC zu Audun-le-Tiche opgebaut a gehéieren do mëttlerweil fest zu hierem Theaterfestival am Dezember. Mir woren fir Workshops a Präsentatiounen beim der "Freien Szene Saar" an der Völklinger Hütte oder och mam "Komunitní centrum Zdena" zu Prag. Mir hunn eng Zesummenaarbecht mat dem Chemnitzer Kollektiv "Out of Order" opgebaut a wäerten fir d'europäesch Kulturhaaptstadt Chemnitz 2025 Deel vun enger Ausstellung sinn. Zusäzlech hu mir Zanter Mee 2023 e Büro am Tiers-Lieu "New-Yorck im Bethanien" zu Berlin a bauen eisem Grupp do een zweet Standbeen op.

Richtung22 steet deemno genee fir déi Zort Vernetzung, déi Zort Innovatioun an déi Zort Nohaltegkeet, déi sech fir Esch2022 erdreemt gouf. An dat net wéinst de politeschen Decisiounen, déi zu Esch oder am Kulturministère getraff goufen, mee trotz deenen Decisiounen.

*Richtung22 Netzwierk*

